ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister, den Här Mëttelstandsminister an un den Här Minister vun der Ökonomie weiderzeleeden.

Laut dem Artikel "Nackte Zahlen, verfälschte Realität" vu Reporter.lu waren 2020 ronn 26 Prozent vun deene jonke Leit ënner 25 Joer, zu Lëtzebuerg als aarbechtslos gemellt.

Duerfir hunn ech un den Här Schoulminister, den Här Mëttelstandsminister an den Här Minister vun der Ökonomie follgend Nofro:

1) Op Basis vu wéi enger Definitioun gëtt d' Jugendaarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg berechent?
2) Gëtt et en allgemenge soziale Profil vun deenen aarbechtslose Jonken?
3) Wéi verdeelt sech d' Jugendaarbechtslosegkeet no Geschlechter?
4) Wéi verdeelt sech d' Jugendaarbechtslosegkeet op Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger?
5) Wéi verdeelt sech d' Jugendaarbechtslosegkeet op déi verschidde Kategorië vun Diplomer?
6) Wéi vill jonk Leit sinn 2020 wéinst de COVID-Aschränkungen aus dem Aarbechtsmaart erausgefall oder konnte wéinst deenen Aschränkungen net Fouss an der Aarbechtswelt faassen?
7) Wéi vill jonk Leit konnten 2020 keng Léier ufänken, well den zoustännege Secteur vun de COVID-Aschränkunge betraff war?
8) Wéi huet sech d' Zuel vun de Stage vu jonke Leit 2020 parrapport zu 2019 verännert?
9) Wéi vill jonk Leit konnten 2020 insgesamt e Stage en vue vun der Beruffsausbildung suivéieren?
10) Wéi hunn sech des Stagen op déi eenzel Secteure verdeelt?
11) Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung geholl, fir deene jonke Leit weiderhin d'Méiglechkeet vu Stagen a Léieren am HORESCA-Secteur ze erméiglechen?
12) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt mir duerch d'COVID-Mesure riskéieren um Aarbechtsmaart eng "verluere Generatioun" ze schafen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten